ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Januar 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

Den Här Verdeedegungsminister huet a sengem Ministère déi nei Funktioun vum "Coordonateur général de la Défense" ageféiert. Déi Funktioun ass elo zousätzlech zu deenen zwou héije Funktiounen entstanen, déi bis elo fir d'Ëmsetze vun der Verdeedegungspolitik zoustänneg waren, also den Direkter vun der Verdeedegung an där ministerieller Verwaltungsstruktur an de Chef vum État-Major vun der Arméi (CEMA) an där haaptsächlech militärescher Struktur.

An dem Kontext wollt ech dem Här Minister dës Froe stellen :

1. Wéi begrënnt den Här Minister d'Noutwennegkeet vun där neier Funktioun vum "Coordonateur général de la défense"?
2. Wéi sinn d'Kompetenze vum "Coordonateur général de la défense" definéiert ? Wéi artikuléiert sech seng Aarbecht mat där vum Direkter vun der Verdeedegung an där vum CEMA?
3. Wéi eng Kompetenzen a wéi ee Profil brauch ee fir déi Funktioun vum "Coordonateur general de la défense"?
4. Huet de "Coordonateur général de la défense" och Kompetenzen, déi iwwert de Verdeedegungsministère eraus reechen ? Wa jo, opgrond vu wéi enger rechtlecher Basis?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique